# De Litty

**Nei**

Les Carnets didactiques du Cedom






**Didaktesch, fächeriwwergräifend Materialien iwwert Lëtzebuerger Kultur vu fréier bis haut, fir Grond-schoul a Lycée**

# De Litty *

## didaktesch, attraktiv, kloer


Erausgi vum Centre d'études et de documentation musicales (Cedom), dem Museksdepartement vun der Lëtzebuerger Nationalbibliothéik, am Optrag vum Kulturministär, an Zesummenaarbecht mam Edukatiounsministär


Informatiounssäite fir d'Léierpersonal, Aarbechtsblieder fir d'Schüler, CD-Rom mat Audiodateien an Aarbechtsblieder


Heft 1 (EF Cycle 4 – ES/EST 7): Lidder fir Land a Leit: 150 Joer *Ons Heemecht*: Historesche Kontext, Lächertexter, Lauschteraufgaben, Verständnis- an Nosichaufgaben, Nouten, Spiller

**Vu Mee 2014 u gratis an Ärer Schoulbibliothéik an an der Nationalbibliothéik**

**Kontakt: cedom@bnl.etat.lu**







Musek | Infoblat Aufgab 2A | Lidder fir Land a Leit ‚Ons Heemecht' | *Les Carnets didactiques du Cedom*

2 **Musek**

2A

Track 1 - 4

### Nouten an Text *Ons Heemecht*

Fir d'Sange vun der Heemecht kënnen d'Instrumentalversioun vun der Lëtzebuerger Militärmusek (Track 1) oder d'Gesanksversiounen (Track 2/3/4) als ‚Playback' geholl ginn. Dobäi kënnen Hand- a Kierperbeweegungen d'Erliewe vun de Schlësselbegrëffer intensivéieren, wéi zum Beispill:

**Joch**

**eigentlech:** Zéigeschier, mat deem zwee Ochse virun de Won gespaant ginn

**am iwwerdroene Sënn:** eng als bedréckend empfonnte ‚Friemherrschaft'

| Textpassage | Beweegung |
|---|---|
| Wou d'Uelzecht | Fléissend Wellebeweegunge mat Äerm, Hänn an Uewerkierper |
| duerch d'Fielsen | Kierper als Fiels: steif Kierperhaltung, Broscht eraus |
| dofteg bléit | Handbeweegung laanscht d'Nues |
| an onsen Hierzer dron | Hand op d'Häerz |
| du do uewen | Mat Fanger op den Himmel weisen |
| Fräiheetssonn | Sonnekrees mat Hänn an Äerm nozeechnen |

**Diskussioun II**

Textanalys *Ons Heemecht*: Wéi eng Bedeitung haten Ausdréck a Formuléierungen deemools? Hautdesdaags? Wat verbënnt e jonke Mënsch haut mat esou Begrëffer?

| Textpassage | 1860er Joren | 21. Joerhonnert |
|---|---|---|
| Uelzecht, Sauer & Musel | Naturschéinheeten, Grenzflëss | Grenzen? Schengen, Fräizäitgestaltung |
| heinidden alles won | Courage an Afferbereetschaft | Stellewert vun enger ‚Heemechtsäerd' an der moderner, vernetzter Welt |
| Land an den Hierzer dron | Land als moralesch-existentiell Grondlag | |
| frieme Joch a Leed | Aner Länner regéiere Lëtzebuerg | Globaliséierung, Bestëmmung duerch wirtschaftlech Grouss-muechten, Unioun vun den europäesche Länner, ... |
| de fräie Geescht | Fräiheet gëschter – Fräiheet haut? | |
| d'Fräiheetssonn | | |

Musek | Infoblat Aufgab 2B/2C/2D | Lidder fir Land a Leit ‚Ons Heemecht' | *Les Carnets didactiques du Cedom*

2B

Track 5

### Lauschter d'Heemecht.

Kräiz un, wéi eng Begrëffer denger Meenung no d'Stéck am beschte beschreiwen

D'Schüler lauschteren *Ons Heemecht*, interpretéiert vum *Lëtzebuerger Männerchouer.* Mat Kräizercher hale si déi Begrëffer fest, déi hirer Meenung no d'Interpretatioun vun *Ons Heemecht* am beschte beschreiwen.

2C

Track 8

### Lauschter 10 Auszich aus verschiddenen Opname vun der *Heemecht*

Den Zesummeschnëtt vun 10 verschiddene Versioune vun *Ons Heemecht* konfrontéiert de Schüler mat verschiddenaartege Musekssstiler a Funktiounen, déi sollen argumentéiert an diskutéiert ginn:

| Kontext | Informatioun |
|---|---|
| Cello Solo | CD ‚Cantate *Ons Heemecht*' Komp.: Pierre Nimax Sen., Cello: Georges Mallach (Diddeléng 2010) |
| Heemechtsblues | CD ‚Bauereblues' (Filmmusek) Gittar: Claude Pauly (2012) |
| Am Te Deum (23.Juni) | Te Deum Kathedral Notre-Dame Lëtzebuerg – Live Iwwerdroung |
| 19. Joerhonnert (Phonograf) | CD ‚Wéi se nach gesongen hunn' Guy Schons (1998): Garde Républicaine Française (Phonograf-Wachswalze der Firma Pathé-Frères, Paris 1904) |
| Danzmusek | CD ‚For You' Vol.2 The Solitaire (1995) |
| Kierchenuergel | CD ‚Une reine et une princesse: Paul Kayser aux grandes orgues de Stahlhuth de Dudelange et Wilwerwiltz' Uergel: Paul Kayser (2012) |
| Musek entspaant | CD ‚Luxemburg entspannt' Santec Music Orchester (Würzburg, 2006) |
| Nom 2. Weltkrich | RTL Orchester a Chouer Dir.: Henri Pensis, Solist: Venand Pauké, 1950 |
| Kanner- a Jugendchouer | CD ‚Ons Kanner sange Lëtzebuerger Lidder' Bouneweger Nuechtigailercher & Allegro (Sandweiler) (UGDA 1997) |
| Protestsong | Serge Tonnar: Protestsong géint Friemefeindlechkeet (soundcloud.com 2012) |

2D

Track 9

### Paraphras?

W. A. Mozart *Ave verum corpus*

Den technesche Begrëff *Paraphras* gëtt duerch d'Géigeniwwerstellung vum Wolfgang Amadeus Mozart sengem *Ave Verum Corpus* kennegeléiert an erkläert.

* ronderëm den Éischte Weltkrich huet ganz Lëtzebuerg de Litty (Pierre-Toussaint Stefani 1872-1932) kannt. Hien huet d'Leit mat lëschtege Liddercher, mat Spiichten a mat Variété-Nummeren ënnerhal a féiert elo duerch déi nei didaktesch Heftserie vum Cedom.

Cedom
Centre d'études
et de documentation
musicales

Bibliothèque nationale de Luxembourg